ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "Baumaterial wird durch Pandemie knapp", deen de 27. Abrëll am Lëtzebuerg Wort publizéiert gouf, war ze liesen, datt d'Lëtzebuerger Bauindustrie ëmmer méi an eng Krisesituatioun geréit. Dëst, well et opgrond vu Problemer an de globale Liwwerketten ëmmer méi u wichtege Baumaterialie feelt. Sou huet sech de Präis vum Bauholz verduebelt, bei verschiddenen Zorte vu Stol verhält et sech d'nämmlecht.

Duerfir géif ech dem Här Minister fir Ekonomie gär des Froe stellen:

1) Betruecht d'Regierung et opgrond vu sou engem warnende Beispill als opportun, d'Ekonomie am Kader vum "devoir de vigilance" duerch zousätzlech Virschréften ze belaaschten?
2) Kéint d'Regierung sech virstellen, sech um Niveau vun der EU fir eng Reduzéierung oder souguer eng Ofschafung vun den Zolltariffer ob wichteg baulech Substanzen anzesetzen, fir e méiglechst gutt funktionéierende Welthandel an domat zouverlässeg Liwwerketten ze gewärleeschten?
3) An der Äntwert op meng Fro Nummer 3834 geet ervir, datt am Giddertransport am Moment Accise vun 0,51 Euro op de Liter Super 95 an 0,40 Euro op de Liter Super 98 erhuewe ginn. Kéint d'Regierung sech virstellen, des Steierbelaaschtung kuerzfristeg erofzesetzen, fir an dëser schwiereger Gesamtsituatioun op mannst en zouverlässeg Transportwiesen ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten